ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ass houfreg, a mécht dowéinst och déi néideg Efforten, fir vun de Ratingsagence mat AAA agestuuft ze sinn. Dëst misst als Konsequenz hunn, datt de Lëtzebuerger Staat zu besonnesch gënschtege Konditioune Geld um internationalen a nationale Marché kéint léine goen.

Däitschland, dat och als AAA agestuuft ass, kann esou mat engen Taux vun 0% Geld léinen, an huet esouguer 10 Järeg Staatsemprunte mat Negativzëns placéiert, dat heescht dat den däitsche Staat Zënsen op den Emprunt bezuelt kritt.

Aus ärer Äntwert op d'parlamentaresch Fro 2192 geet ervir, datt de Lëtzebuerger Staat, trotzt dem AAA, aktuell en duerchschnëttlechen Zënssaz vun 2,546% op sengen Emprunten bezilt. Op Obligatiounen, déi bis 2043 (!) lafen, bedréit den Zënssaz 2,75%. Bankkrediter hunn Zënssätz vun iwwert 4%. D'Resultat ass, datt de Staat zanter 2011 all Joer ronn 200 Milliounen un Zënse muss zréck bezuelen.

Dowéinst wéilte mir dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1) *Ass de Staat gewëllt, mat de Banken Kontakt opzehuelen, fir d'Emprunten nei ze verhandelen oder fréizäiteg zeréck ze bezuelen,an esou op en Taux ze kommen, deen dem AAA Rating entsprécht? Wa jo, a wéi engem Delai? Wa neen, wéisou net?*
2) *Ass de Staat bereet, d'Staatsobligatiounen déi mat iwwert 2% Zënse belaascht sinn zeréck ze kafen, an dës duerch nei Obligatiounen oder Emprunte géigen ze finanzéieren? Wa jo, a wéi engem Delai? Wa neen, wéisou net?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten